N°2355
Entrée le 24.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2355 vum 22. Mee 2025 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos.**

1. *Ass d'Regierung sech dësem Problem bewosst?*

2. *Ass d'Regierung och der Meenung, datt dës Ongerechtegkeet am Sënn vun enger ënnerstëtzender Familljepolitik onbedéngt muss opgeléist ginn? Wa jo, wéi gedenkt si hei genau virzegoen an a wéi engem Zäitraum?*

3. *Ass d'Regierung gewëllt, de Problem vun der Dispens fir déi erwäänte betraffen Independanten ze léisen an dofir ze suergen, datt och si endlech dat néidegt Recht op eng Dispens kréien? Wa jo, wéini géingen hei déi gesetzelech Upassunge virgeholl ginn?*

4. *Wann net, ass d'Regierung gewëllt, d'Berechnungsbasis fir de Revenu wärend dem Congé maternité a Congé parental unzepassen an z.B. ëm sechs Méint no vir ze verréckelen, fir dëser finanzieller Ongerechtegkeet endlech wéinstens deelweis entgéintzewierken, wuelwëssend dass den Aarbechtsrisiko fir déi Frae wärend der Schwangerschaft ëmmer nach bestoe bleift?*

Jo, d'Regierung ass sech dësem Problem bewosst an dowéinst, awer net nëmmen wéinst deem genannten Problem, gëtt am Koalitiounsaccord betount : „Le travail des salariés et le travail des indépendants doivent être traités de manière égalitaire. Ainsi, le Gouvernement réformera le statut de l'indépendant."

Di zoustänneg Ministèren sinn am gaang den Inventaire ze maachen vun allen Elementer déi an deem Kader missten analyséiert ginn a wäerten zäitno di néideg Diskussiounen mat allen Bedeelegten féieren.

Lëtzebuerg, den 24. Juni 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez